N°3374
Entrée le 22.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.12.2025
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2025

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weider ze leeden.

Mir ass zougedroe ginn datt Schüler, déi aus dem Oste vum Land an d'Akerbauschoul (LTA) op Gilsdref fueren, net déi beschte Verbindungen am ëffentlechen Transport zur Verfügung hunn. Besonnesch déi Schüler, déi aus dem Raum Fluessweiler a Jonglënster kommen, hu kee Schülerbus zur Verfügung an déi ëffentlech Buslinn bis bei den LTA ass oft iwwerfëllt an den Trajet beschwéierlech. Wann et och net ëmmer sënnvoll ass, eng direkt Busverbindung an den LTA aus all Eck vum Land en Place ze setzen, sollten et op Mannst Sammelplaze ginn, ab deenen ee Schülerbus bis op Gilsdref an den LTA fiert.

Dowéinst hunn ech follgend Froen un d'Madame Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen :

- **Wéi vill Schüler aus dem Oste vum Land ginn an den LTA an d'Schoul?**
- **Wéi eng Verbindungen mat Schülerbussen ginn et aktuell aus dem Osten bei den LTA?**
- **Ginn et Sammelplazen am Osten, ab deenen ee Schülerbus an den LTA fiert?**
- **Falls jo, gedenkt d'Regierung weider Sammelplazen mat direkter Busverbindung an den LTA ze schafen?**
- **Falls jo, gëtt de Raum Fluessweiler/Jonglënster och domat ofgedeckt?**

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Stéphanie Weydert**

**Deputéiert**

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Claude Meisch, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n°3374 vum 22. Dezember 2025 vun der Madamm Deputéiert Stéphanie Weydert betreffend Busverbindungen an den LTA zu Gilsdref.**

***Wéi vill Schüler aus dem Oste vum Land ginn an den LTA an d'Schoul?***

Vun insgesamt 642 SchülerInnen déi am Lycée Technique Agricole ageschriwwe sinn, kommen der 82 aus der Regioun Osten. Dovu sinn der 44 aus dem Kanton Iechternach verdeelt op 18 Uertschaften, 27 aus dem Kanton Gréiwemaacher verdeelt op 16 Uertschaften an 11 aus dem Kanton Réimech verdeelt op 7 Uertschaften.

***Wéi eng Verbindunge mat Schülerbusse ginn et aktuell aus dem Osten bei den LTA?***

Aktuell huet just Beefort (11 SchülerInnen) mat der Linn K07 eng direkt Verbindung an dëse Lycée, aner Schoulbuslinnen (K04, K05) aus dem Oste bleiwe beim Arrêt "Rue J. Merten" stoen, an da mussen d'SchülerInnen ronn 400 m zu Fouss goen. Jonglënster (3 SchülerInnen) huet eng direkt Verbindung mat der regulärer Linn 250.

**Ginn et Sammelplazen am Osten, ab deenen ee Schülerbus an den LTA fiert?**

Prinzipiell funktionéiert de Schülerreseau net mat Sammelplazen. Et ginn awer Arrête wou d'SchülerInnen tëscht den eenzelne Linnen ëmklamme kënnen, an dësem Fall ass dat zu Jonglënster den Arrêt "op der Gare" an um Park and Ride. Vu dësen Arrêten aus fiert d'Linn 250 iwwer Hiefenech, d'Fiels, Miedernach, Steeën an Dikrech bis op Ettelbréck. D'SchülerInnen kënnen direkt um Arrêt "Beim Waasserbaseng" erausklammen, dësen ass extra zu deem Zweck nieft dem Lycée op der N14 amenagéiert ginn.

**Falls jo, gedenkt d'Regierung weider Sammelplaze mat direkter Busverbindung an den LTA ze schafen?**

Opgrond vun der uewe genannter Verdeelung vun de SchülerInnen, sinn aktuell nieft Jonglënster keng aner Sammelplaze virgesinn.

**Falls jo, gëtt de Raum Fluessweiler/Jonglënster och domat ofgedeckt?**

Jonglënster ass haut schonn direkt un de Lycée Technique Agricole ugebonn, vu Fluessweiler aus kann een d'Linn 350 déi vu Gréiwemaacher op Jonglënster fiert, huelen an dann zu Jonglënster op d'Linn 250 ëmklammen.

Lëtzebuerg, de 27. Januar 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes